ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 26. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Fir vill Leit, déi op den ëffentlechen Transport ugewise sinn, ass d'Onzouverlässegkeet an d'Onpünktlechkeet vum Zuch-Trafic eng reegelrecht Plo. Laut engem Wort-Artikel vum 26. Mäerz fält den Zuch 9 024 Mol pro Joer aus, dat mécht eng Ausfallquote vu 25 Zich (!) pro Dag. D'Konsequenz dovunner ass, datt vill Leit d'Vertrauen an den ëffentlechen Transport verléieren an erëm op den Individual-Transport ëmklammen. D'Pressespriecherin vun der CFL betount, datt d'Grënn fir den Ausfall vun den Zich villfälteg sinn : Net-Verfügbarkeet vum Rollmaterial, divers Materialpannen. Zudeem ass mir och zu Ouere komm, datt oft personaltechnesch Problemer fir den Ausfall vun Zich verantwortlech sinn.

Déi Betraffe Passagéier si jiddwerfalls mat enger onzoumuttbarer Situatioun konfrontéiert.

An dësem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister :

1. Gëtt bei der CFL e Gesamtkonzept ausgeschafft, wou all d'Problem-Facteuren, déi oft matenee spillen, consideréiert ginn, fir an enger Zort « Master-Plang » nohalteg Léisunge fir de Mobilitéitsproblem bei der CFL ze fannen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique